



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'drénglech parlamentaresch Fro n° 5484 vum 10. Januar 2022 vum den honorabelen Députéierten Claude Lamberty a Carole Hartmann**

**Huet den Här Minister scho vun dësem Opruff op de soziale Medien héieren?**

D'Police assuréiert ee Monitoring vun de soziale Medien fir sech am Kontext vun de rezenten Manifestatiounen an der Entwécklung vun der Situation adequat kënnen opzestellen. De Minister steet a regelmeissegem Kontakt mat der Direktioun vun der Police an de Regionaldirektiounen.

**Gouf dës Manifestatioun schonn iwwer den offizielle Wee bei den zoustännegen Autoritéiten ugemellt?**

Zum Zäitpunkt wou dëss parlamentaresch Fro era komm ass, ass säitens der Stad Lëtzebuerg dem MSI konfirméiert ginn, dass dëss Manifestatioun net ugefrot ginn ass.

**Wéi reagiert de Här Minister vis-à-vis vum Opruff virun enger Klinik ze demonstréieren, besonnesch mam Wësse wéi d'Manifestatiounen an de leschte Wochen ofgelaf sinn?**

All net ugemellten Manifestatiounen a Manifestatiounen déi ausserhalb dem Zoning stattfannen, dee virgesi gi ass fir d'Sécherheet vun de Bierger an de Polizisten versteisst geint Gemengereglement dat virschreift dat all Manifestatioun muss am Virfeld ugemellt ginn.

**Ass den Här Minister och der Meenung, dass zu all Moment am Land d'Accèsen an d'Zoufaartsweeër zu de Klinicken, mee och zu anere wichtege Rettungsdéngschter an Unitéiten net duerch Manifestatiounen dierfe perturbéiert ginn?**

Jo. Accèsen an Zoufaartsweeër zu de Klinicken müssen iwerall an ënner allen Ëmstänn fräi bleiwen.

**Wäert an deem Kader also séchergestallt ginn, datt den Accès zum Spidol fir d'Patienten an d'Rettungsdéngschter zu all Moment garantéiert bleift?"**

Déi eischt Prioritéit vum Dispositif vun der Police ass dass keng Persoun zu Schued kënt.

Lëtzebuerg, den 11.01.2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX